# Blankenberg

©Roland Meyer

Mat eisem Polski-Fiat si mir op Blankenberg gefuer
dacks sinn d'Bremse net méi gaang an den Ueleg gung net duer

An an dem Hotel huet et dann no Kéiskrokette gefacht
d'Mier war gro, den Himmel och an d'Wellen hu gekacht

A wat hu mir Buerge gebaut
’t huet ee séngen Aen net getraut

Dacks war eng Loft, et huet gestiirmt an d'Fändelen hu geschlon
de Sand huet gepickt un de Been, an den Aen, du bloufs bal net ston

An da war schlecht Wieder, den Himmel war schwaarz a mir Kanner kruten Zoff
déi Grouss hu vill giess a vill gefëmmt, de Misär am Orval ersoff

A wat hu mir Buerge gebaut
’t huet ee séngen Aen net getraut

An op der Digue bei Stuerm a Reen si mir dacks flannéiert
onméiglech laang an och ganz wäit si mir da spazéiert

Mir Kanner hu geroost an honnert Mol gefrot: "Wéini gi mer heem?"
an d'Bomi hat owes no der Plo de Krämpchen am Been

A wat hu mir Buerge gebaut
’t huet ee séngen Aen net getraut

An da gouf et eng Glace mat vill Schmant no dem Hotelskascht
an d'Mamm an de Papp koume net méi vun der Mëttesrascht

Stonnen a Stonnen si mir Go-Kart gefuer, déi Al hunn eis nogekuckt
dono si mir nach mam Draach geflunn a si hu nees hanner dem Orval gebruckt

A wat hu mir Buerge gebaut
’t huet ee séngen Aen net getraut

A ganz spéit owes si mir op de Pier gerannt
an heiensdo huet dann d'Sonn d'Mierwaasser verbrannt
an heiensdo huet dann d'Sonn d'Mierwaasser verbrannt